

LE CASIER SECRET DANS LE GO-AML

Encore une de ces ténébreuses abréviations qui ont cours dans notre prétendue démocratie et dans les bas-fonds de l'appareil judiciaire, et avec la bénédiction du Ministre de la Justice actuellement en fonction.

Comprenne qui pourra.

*

Voici le récit d'un jeune homme qui fut confronté à sa plus grande surprise à son casier secret.

Lors d'un entretien professionnel auprès de l'Etat, ses interlocuteurs lui soumettaient soudain des données à caractère personnel se lisant comme suit :

« Il ressort de nos fichiers que Mr. X. a été interrogé par la police dans le cadre de deux affaires ayant trait aux faits allégués suivants :

- Coups et blessure volontaires ayant entraîné une incapacité de travail ;
- Outrage à agent. »

Quels fichiers ?

Il est incontesté et incontestable que X. n'a jamais été entendu à charge par la police pour l'une quelconque des deux infractions alléguées.

Aucun P.-V. n'a été dressé contre lui.

Il n'a jamais eu un début de commencement de procès pour quoi que ce fût.

Il n'a à aucun moment été condamné, et aucune procédure n'est en cours dans le cadre de ces faits qui restent ainsi à l'état d'une affirmation faite avec une légèreté blâmable, pour rester un tant soit peu courtois.

L'entretien professionnel s'est terminé sur ce casier secret - inouï.

*

À partir de ce récit, il faut supposer que chaque citoyen ait à côté de son casier judiciaire normal, un casier secret dans lequel la police inscrit à sa guise ce qu'elle veut, sans contrôle, sans recours, sans le moindre souci du contradictoire.

C'est effrayant.

C'est asphyxiant de vivre dans une société où de tels secrets délétères pourront vous être opposés avec les conséquences désastreuses qui ont été celles du cas d'espèce.

*

Le soussigné s'est adressé à des députés courageux aux fins de poser au Gouvernement les questions qui s'imposent.

La question fut posée le 08.05.2019.

Ils ont mis un mois pour répondre - une réponse à la cheville épaisse.

Lisons-la et soyons inquiets - car nous tous avons probablement notre casier secret, sans qu'on ne nous ait jamais informé à ce sujet.

Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, Monsieur le Ministre des Communications et des Médias, Monsieur le Ministre de la Justice et Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure à la question parlementaire n° 640 de Monsieur le Député Laurent MOSAR

Den honorabelen Deputéierte stellt eng Rei Froen am Zesummenhang mat der Existenz vu sougenannten « casier-ähnlechen » Datebanken.

Op Basis vun hirem Regëster "Inventaire des banques de données" a vun de Präzisiounen déi vun de staatlechen Departementer a Verwaltungen un de Commissariat du gouvernement à la protection des données auprès de l'État geliwwert goufen, kann d'Regierung d'Existenz vun "Casier-ähnlechen" Fichieren, mat Ausnahm vun der Justiz (cf. infra), wéi se vum éierbaren Deputéierten an der parlamentarescher Fro ugesprach ginn, net bestätegen.

Et fënnt awer eng Dateveraarbechtung am Sënn vum europäeschen Dateschutz Reglement (UE 2016/679) mat Informatiounen aus den Extraiten vum Casier judiciaire iwwer Strofdoten, **Geriichtsuerteeler** an zousatz Sécherheetsmoosname beim Rekrutement statt. Et sin Decideuren a déi Zoustänneg vun de Ressources Humaines an de betraffene **Ministère**n a Verwaltungen déi während der Prozedur vum Rekrutement d'Casieren vun de Kandidaten, wei vum Casier-Gesetz vum 29. Mäerz 2013 (wei 2016 ofgeännert) virgesinn, kennen iwwerpräiwen.

Dës Renseignementer ginn awer net an informatesch Fichieren agespeist.

Ausserdeem ginn Indikatiounen aus dem Casier bei der Iwwerpräiwung vun de "conditions d'honorabilité" vir den Accès zu verschiddene gereegelte Beruffer, bei den **Handelsermächtigungen** a bei der Uwendung vun den EU Bestëmmunge betreffend d'Verantwortlecher vun **entreprises** de transport routier, der Zouloossunge vun den Dokteren an de Ustellungen am Beräich Accueil, der Betreiwung an der Educatioun vu Mannerjäregen an och bei der Ernennung vu Beamten déi de Status vum officier de Police judiciaire kréien z. B. bei de Ponts et Chaussées, gefrot a berécksiichtegt.

D'Regierung weist drop hin, datt verschidde **Ministère**n, Verwaltungen an öffentlech Autoritéiten op Grond vu spezifesch sektoriellen Texter, Renseignementer iwwer Strofdoten a penal Uerteeler betreffend eenzel Persounen an hiren Dossieren traitéieren.

Et sinn notamment am Transport Secteur, d'Servicer vum **Ministère de la Mobilité et des Travaux publics** zoustänneg fir d'Ausstellen an Zeréckzéie vum Führerschäin an de Punktführerschäin wat d'Infraktiounen zum Code de la route ugeet, de Service de la navigation wat Verstéiss géint d'Reegelen iwwer d' Banneschëfffaart ugeet an d'**Direction des Transports publics** wat Persounen ugeet, géint déi e Verbuert den öffentlech Transportmëttel ze betriede gefrot oder verhaange ginn ass.

Och am Beräich vun der Friemepolizei an der Immigratioun mussen Informatiounen iwwer Strofdoten a penal Uerteeler nogekuckt ginn, sief et z.B. bei Demanden fir e Visa, Asyl oder **Awanderungsprozeduren**. Dat selwecht ass och de Fall am Kontext vun der Lutte géint de Blanchiment an dem Finanzement vum Terrorismus.

Renseignementer iwwer d'Prisongs-Openthaltszäite gi punktuell an der Bearbechtung vun den Dossieren fir d'Ausbezuale vum Mindestakkommes REVIS oder Zoulage fir Matbierger mat engem graven Handicap berécksiichtegt.

Schlussendlech huert och de Staatsministère an aner betrafte Ministeren Abléck a Piècen vu Geriichtsprozeduren, bei deenen sie am Kader vun enger Geriichtsaffär d'Interesse vum Staat verrieden.

Ausser deenen eigentleche Contentieux-Dossieren, gëtt et och d'Prozeduren am Beräich vu Regierungskommissariat vir d'Instruction disciplinaire an der Fonction publique, beim Collège médical betreffend d'Dokteren a verschidde Gesondheetsberuffer, dem "Service national de médiation dans le secteur de la santé" an och d'"Caisse de consignation" vum Tresor, wou en Abléck a Geriichtsuerteeler noutwenneg ass.

Informatiounen iwwer Faiten, déi zwar eng strofrechtlech Konnotatioun kéinten hunn, déi awer ni zu iergendwellecher Condamnatiounen gefouert hunn, ginn allerdéngs net an enger "Casier-ähnlecher" Datebank vu staatleche Servicer zesummegebroen an also och bei Neiastellung beim Staat benotzt. Et ass och kee Fall vun Daten Mëssbrauch an esou engem Kontext bekannt.

Wéi ugedéit, besetzt d'Justiz zwou Datebanken déi als „ähnlech“ zum Casier judiciaire kenne consideréiert ginn.

Dës ass éischtens Datebank „Go-AML“ déi zënter Ufank 2017 operationell ass a vun der Cellule de Renseignement financier am Kader vu senge Funktiounen benotzt gëtt.

Nieft dem IT Support, dee vum informatesche Service vun der Justiz iwwert de Centre des technologies de l'information de l'Etat assuréiert gëtt, sinn et nämme Riichter an d'Personal vun der Cellule de Renseignement financier déi Accès op Donnéeën vun dëser Datebank hunn.

All Zougrëff op dës System gëtt ënner sougenannte „log-files“ enregistriert. Dës „log-files“ erlaben et, falls néideg, ze kontrolléieren datt all Accès op d'Datebank am Kader vun de Missiounen vun der Cellule de Renseignement financier gemaach ginn ass.

Déi zweet Datebank gëtt fir d'Gestioun vun den Dossiere vun allen Magistraten a vum **Verwaltungspersonal** dat sech em d'**Gesetzesvollstreckung** bekëmmert benotzt. Dës Datebank beinhalt **d'Informatiounen** déi am Casier judiciaire stinn.

Den Accès op dës Datebank gëtt de manière nominative gereegelt, an dëst mat verschiddene Profiller, jee no der Aart vun der Aarbecht déi ze maachen ass. Des weidere kann den Accès op deem Datebank via „log-files“ kontrolléiert ginn an d'Donnéeën, déi ageschriwwe sinn, gi regelméisseg archivéiert.

Dës Datebank ass net dozou destinéiert fir Zougang op d'Procès-verbaux'en oder aner prozedural Akten ze kréien, ausser a verschiddene spezifesch Matière.

D'Daten déi sech an dës béiden Datebanke befanne ginn net un de Ministère de la Fonction publique weiderginn, esou datt d'Fro vun der Verwäertung vun dësen Daten fir Rekrutement sech net stellt, ausser fir d'Rekrutement vun den attachés de justice, dat vun der Magistratur organiséiert gëtt.

Am Kader vum Rekrutement vun den attachés de justice besteet d'Méiglechkeet d'Informatiounen vun de judiciairen Autoritéiten an der Groussherzoglecher Police ze kréien, esou ewéi dat ausdrécklech am Artikel 2 (3) 2) vum modifizéierte Gesetz vum 7ten Juni 2012 iwwert d'attachés de justice virgesinn ass.

D'Police exploitéiert keng « casier-ähnlech » Datebanken, daat heescht Datebanken déi Informatiounen iwwert prononcéiert Strofen beinhalten.

D'Police exploitéiert awer eng Datebank, de "Fichier central", déi sämtlech Protokollen an Rapporten enthält déi vun officiers de police judiciaire (OPJ) an agents de police judiciaire (APJ) konform zum Code de procédure pénale geschriwwen goufen.

Accès op de "Fichier central" hunn d'OPJ an APJ zum Zweck vun der Präventioun, Recherche an Feststellung vun Infractionen.

Am Kontext vum Rekrutement bei der Police gesäit den Artikel 58 vum modifizéierten Policegesetz vum 18ten Juli 2018 folgendes fir:

*"Avant chaque agréation de candidature par le ministre pour un emploi dans une des catégories de traitement du cadre policier, il sera procédé à une enquête de moralité afin de déterminer si le candidat dispose des qualités morales **nécessaires** à l'exécution d'une des fonctions du cadre policier. Cette enquête est effectuée sur ordre du ministre par la police, qui peut consulter les fichiers qui lui sont légalement accessibles et pour autant que cette consultation est pertinente quant à la finalité recherchée."*

Avez-vous compris ce verbiage ?

Ce « satané charabia » comme dirait Zola.

Un ensemble de mots alambiqués dans le but d'en dissimuler le sens.

Les Latins auraient dit « Rudis indigestaque moles ».

Là, nous touchons un point extrêmement grave, qui nous concerne tous, et contre lequel nous devons réagir avec la dernière énergie.

Où sommes-nous ? Chez Erdogan ? Chez Poutine ?

Dans quel monde d'hypocrites vivons-nous ?

Insurgez-vous contre de pareilles choses, car elles sont l'annulation de toutes les valeurs essentielles qui font notre démocratie et notre justice.

Le 29 mai 2019.

Gaston VOGEL

